N°2681
Entrée le 12.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2681 vum 29. Juli 2025 vum honorabelen Déptéierten Marc Goergen zum Sujet "Conflit d'intérêts au niveau communal en matière de construction"**

**Ass den Inneminister der Meenung, dass et een Interessekonflikt duerstellt, wann ee Verantwortlechen an der Gemengepolitik Undeeler un engem Immobiliefirma huet an den Associé iwwert aner Firme mat der Gemeng Geschäfter mécht?**

**Ass den Inneminister der Meenung, dass den Interessekonflikt aus der Welt ass, wann ee Verantwortlechen an der Gemengepolitik dës Undeeler un eng Persoun aus sengem direkten oder indirekte familiären Ëmfeld verkeeft?**

D'gesetzlech Basis vun den Interessekonflikter vun de Gemengeconseilleren stinn am Artikel 20 vum Gemengegesetz an am Artikel 245 vum Code pénal.

Vun Interessekonflikt, op Basis vum Gemengegesetz, schwätzt ee wann e Conseiller e bestoenden, direkten a materiellen Interessi un enger Affaire vun der Gemeng huet.

**Wéi eng gesetzlech Dispositiounen a wéi eng Kontrolle beim Inneministère schütze virdrun, dass Scheintransaktiounen duerchgefouert ginn, bei deenen d'Beneficiairen (an dëse Fall politesch Verantwortlech oder Beamten) zu engem spéideren Zäitpunkt nom Mandat an de Genoss vu Faveure kommen?**

Déi uewe genannte gesetzlech Dispositiounen erlaben et, am Kader vun der administrativer Kontroll vum Inneministère iwwert d'Gemengen, ze iwwerpréiwen ob et Interessekonflikter bei Immobilientransaktioune ginn.

**Dierf ee Buergermeeschter eng Baugeneemegung fir ee Projet ginn, an deem hien oder seng Famill selwer een Interessi huet?**

De Fall ass net vum vum Artikel 20 vum Gemengegesetz viséiert, awer vum Artikel 245 vum Code pénal. Et ass also méiglech, dass en Interessekonflikt kéint bestoen an de Buergermeeschter muss appreciéieren ob hien d'Geneemegung ka ginn ouni pénal Strofen ze riskéieren. D'Servicer vum Inneministère sinn disponibel fir d'Buergermeeschteren am Kader vun hirer Appreciatioun ze beroden.

Lëtzebuerg, den 12. August 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN